PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
03 SEP. 2019
1151

Lëtzebuerg, den 03/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wunnéngsbau, Sozialversécherung, Mobilitéit, Groussregioun & Justiz weiderzeleeden.

2009 huet de *FORUM EUROPA* an Zesummenaarbecht mam *CEPS INSTEAD* ee Wierk iwwert d'grenziwwerschreidend Wunnmobilitéit an der Groussregioun verfaasst, dat ënnert dem Samuel Carpentier publizéiert ginn ass. D'Wierk *Die grenzüberschreitende Wohnmobilität zwischen Luxemburg und seinen Nachbarregionen* ass eng Etüd iwwert lëtzebuergesch Beruffstäteger, déi am Zäitraum vun 2001 bis 2007 decidéiert hunn, hire Wunnsëtz vu Lëtzebuerg an eent vun de Nopeschlänner aus der Groussregioun ze verleeën. Et handelt sech dobäi ëm Leit, déi hir Aarbechtsplaz zu Lëtzebuerg bäibehalen hunn.

Hier quantitativ Donnéeë bezéien d'Auteure vun der *Inspection Générale de la Sécurité Sociale du Luxembourg* (Carpentier 2009: 16). Aus dësen Zuele goung schonn 2009 ervir, dass ëmmer méi Leit decidéieren, iwwert d'Grenz ze plënneren. An der Etüd goufe mat Hëllef vun engem Questionnaire och d'Grënn fir d'Plënneren erfaasst. Aus dëser Datenerhiewung goung ervir, dass finanziell Grënn den Haaptgrond fir d'Verloossen vu Lëtzebuerg waren (Carpentier 2009: 37ff.). Well d'Wunnsituatioun am Grand-Duché bekannterweis an de leschte Jore fir vill Mënschen ëmmer méi erdréckend ginn ass, ass ze erwaarden, dass sech heirun bis haut net vill geännert huet.

Vill ëffentlech a privat Acteure maachen an aktuellen Etüden drop opmierksam, dass d'Finanzement vum Logement fir Proprietären a Locatairen zu ëmmer méi enger heijer Belaaschtung gëtt. D'Logementspräisser steige Joer ëm Joer op een neie Rekordniveau an d'Optioun, sech hannert der Grenz nidderzeloossen bleiwt ville Leit als lescht Alternativ. Mam Plënneren an d'Nopeschlänner si fir Ex-Residenten awer eng Réi Nodeeler verbonnen – zum Beispill wat d'Sozialleeschtungen ugeet. Beim Verloscht vun der Aarbechtsplaz zu Lëtzebuerg gräift beispillsweis net dat lëtzebuergescht Recht, mee d'Recht vum Land an deem de Wunnsëtz ass. Schwieregkeete bereet och de Fait, dass d'Kanner vun Ex-Residenten a ville Fäll d'Méiglechkeet verléieren am lëtzebuergeschen Educatiounssystem ze bleiwen.

Et stellen sech also eng Réi Froen, wéi d'Regierung an Zukunft gedenkt, mat dësem Phänomen ëmzegoen an ob ee gewollt ass dësen Ex-Residenten entgéint ze kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung fir den Zäitraum tëscht 2013 an 2019 d'Donnéeën aus der Etüd aktualiséieren an uginn, wéi vill Persoune pro Joer Lëtzebuerg verlooss hunn, fir an d'Grenzregioun wunnen ze goen, wärend se eng Aarbecht zu Lëtzebuerg gehalen hunn?

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

(Fir d'statistesch Bevëlkerungsgrupp ze definéieren sollt een sech op d'Cibléierung aus der Etüd orientéieren:

> Diese Bevölkerungsgruppe besteht aus im Großherzogtum ansässigen Luxemburgern oder Nicht-Luxemburgern, die in Luxemburg beschäftigt sind und sich zu einem bestimmten Zeitpunkt dazu entschließen, dieses Land zu verlassen, um sich in einer der Nachbarregionen (in Lothringen, Wallonien, im Saarland oder in Rheinland-Pfalz) niederzulassen, dabei aber weiterhin in Luxemburg berufstätig sind. (Carpentier S., 2009, Säit 15).

2. Wéi steet d'Regierung zum Fait, dass eng ganz rei Léit opgrond vun ze héije Logementspräisser finanziell gezwonge sinn an d'Groussregioun ze plënneren?
3. Wéi eng Léisungen well d'Regierung an noer Zukunft proposéieren fir dass d'Residenten net méi finanziell gezwonge sinn an d'Ausland wunnen ze goen?
4. Wéi aus der Etüd ervir geet, gëtt et fir vill Net-Résidenten en Ureiz, fir falsch Wunnsëtzdeklaratiounen ze maachen:

> Da sich aus dem Wohnsitz in Luxemburg mehrere finanzielle Vorteile ergeben, könnten dadurch bestimmte Arbeitnehmer veranlasst werden, ihren Wegzug ins Ausland nicht zu melden, indem sie der Sozialversicherung eine Scheinanschrift in Luxemburg (beispielsweise die Anschrift der Eltern) angeben. Ein weiteres Beispiel: Gebietsansässige die mit einer außerhalb Luxemburgs lebenden Person zusammenleben und ihren Wohnsitz in Luxemburg beibehalten, könnten die Meldung der Anschriftenänderung unterlassen, [...] selbst wenn sie täglich die Grenze überqueren, um zu ihrem Wohnsitz ein einer Nachbarregion Luxemburgs zu gelangen (Carpentier 2009: 17).

   1. Toleréiert d'Regierung des Praxis?
   2. Lafen aktuell Etüde fir de Phänomen statistesch ze erfaassen?
   3. Wéi wëll d'Regierung an Zukunft mat dëser Praktik ëmgoen? Wéi eng Méiglechkeete wäert d'Regierung dëse Leit an Zukunft bidden?
5. Besëtzt d'Regierung Informatiounen iwwert d'Unzuel vu lëtzebuergesche Residenten, déi eng zweet Residence am noen Ausland besëtzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Luxembourg, le 30 SEP. 2019

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis

L-2338 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
01 OCT. 2019

Dossier suivi par:
Jérôme KRIER
☎247-84837

Ntr.réf.: 2019-1151-Goergen_RépComMinTransmis_30-09-2019.doc/JK

Concerne: **Question parlementaire n°1151 du 3 septembre 2019 posée par l'Honorable Député Marc GOERGEN concernant les citoyens luxembourgeois ayant leur résidence principale dans la Grande Région.**

Monsieur le Ministre,

En réponse au courrier électronique du 4 septembre 2019 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente la réponse commune du Ministre de la Sécurité sociale et du Ministre du Logement à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Pour la Ministre du Logement

Mike MATHIAS
Premier Conseiller de Gouvernement

Tour Alcide de Gasperi
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84819
Fax (+352) 247-84840

www.logement.lu

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
01 OCT. 2019

Réponse commune de Madame Sam TANSON, Ministre du Logement, et de Monsieur Romain SCHNEIDER, Ministre de la Sécurité sociale à la question parlementaire n°1151 du 3 septembre 2019 de l'Honorable Député Marc GOERGEN concernant les citoyens luxembourgeois ayant leur résidence principale dans la Grande Région.

D'Etude déi vum honorabelen Deputéierten zitéiert gëtt, gouf wuel op Basis vun Donnéeë gemaach, déi vun der Generalinspektioun vun der sozialer Sécherheet (IGSS) zur Verfügung gestallt goufen, allerdéngs no enger Methodologie déi den Auteure vun där Etude eegen ass. Effektiv, stellt d'IGSS am Kader vun hire Missiounen, Chercheuren a Fuerschungsinstituter nëmmen d'Donnéeën zur Verfügung, déi dann am Kader vun enger bestëmmter Etüd verschafft ginn, dëst a strikter Applikatioun vun den Dateschutzbestëmmungen. Esou kënnen Donnéeën net fir aner Etuden oder Aarbechte benotzt ginn, fir déi si net gefrot goufen. Dofir ass et net méiglech, déi Etude ze aktualiséieren.

Déi aktuell Studien a verfügbar Donnéeën erlaben et net statistesch ze erfaassen op, a falls jo, an ewéi engem Moss Persounen an d'Ausland wunne ginn, a gläichzäiteg zu Lëtzebuerg ugemellt bleiwen. Generell musse Persounen, déi hire Wunnsëtz wiesselen, sech och deementspriechend an där Gemeng oder an deem Land umellen, wou si wunne ginn.

De Fuerschungsinstitut LISER ass aktuell am gaangen eng Machbarkeetsetude ze realiséiere betreffend dem Opbau vun engem « Observatoire Transfrontalier du Logement », dëst ënnert der Tutelle vun der Chamber a vum Wunnengsbauministère. Iwwert dëse Wee wäert et gegebenenfalls méiglech gi besser a méi grenziwwerschreidend Recherchen ëmzesetzen.

Déi grenziwwerschreidend Mobilitéit ass ee vun de cibléierten Themen, déi fir d'Aarbechte vun dësem Observatoire kéinten an den nächste Joren a Fro kommen.